

**Mir fonktionéieren iergendwéi, mä en Deel vun eisem Liewe verbrénge mer an der Kandheet, a mer probéieren dat erëmzefannen, wat mer mengen an der Kandheet vläicht net kritt ze hunn.**

## Pol Rauchs: "Iwwert d'Fonktioun vum Fetisch"

"Wann e Psychiater soll iwwert d'Monarchie schwätzen, heescht dat, dass Monarchie eng krankhaft, eng geckeg Insitutioun wär? Net onbedéngt. Et ass awer doudsécher eng anachronistesch Institutioun. Een Deel vun eis lieft weiderhin an der Kandheet, sou gesond wéi mer och sinn. Di meescht vun eis sinn Neurotiker, dat mécht eben, dass mer keng Psychotiker, also keng Krank sinn. Mir fonktionéieren iergendwéi, mä en Deel vun eisem Liewe verbrénge mer an der Kandheet, a mer probéieren dat erëmzefannen, wat mer mengen an der Kandheet vläicht net kritt ze hunn.

Anachronistesch Institutioun desto méi och, wa mer kucken, dass an zwéin Deeg am Frankräich e Referendum stattfënnt, justement well se do fannen, dass siwe Joer nach ze vill wären. Anachronistesch och nach, wa mer kucken, am Fong, wa mer d'Sprooch e bëssen analyséieren, déi de Grand-Duc - wéi géing ech soen - beschreift. Fir ganz vill vun eise Kompatriote feiere mir den dräianzwanzegste Juni nach ëmmer Grossherzogins Gebuertsdag. An elo a véierzéng Deeg ass et fir di allermeescht net de Grand-Duc Jean, deen ofdankt, mä de Prënz Jang, deen ofdankt. Mä iergendwéi hippe mer enger Generatioun hannendrun, an de Grand-Duc ass finalement iergendwéi nach ëmmer de Jong vu senger Mamm bliwwen.

Bon, ech wëll och vläicht ganz kuerz op di Fro agoen: Brauche mir iwwerhaapt e Statschef, mir oder iwwerhat e Land brauch e Statschef? An do géing ech vläicht de Freud zitéiere mat sengem Wierk vun 1921, "Massenpsychologie und Ich-Analyse", wou hien effektiv seet, dass all Grupp, sief dat d'Kierch, sief dat d'Arméi, sief dat iergende Jickeclup vun ech weess net wat, sech muss effektiv oder op jiddfer Fall sech e Chef gëtt, deen ee kann nennen, wéi ee wëll. An dee Chef, dee gëtt da vun deem ganze Groupe iergendwéi idealiséiert an iergendwéi perfekt gemaach an doduerch erlaabt et all de Membere vun deem Groupe, sech domat ze identifizéieren.

Mä déi Pappefigur, déi de Chef dann nom Freud sollt duerstellen, hu mer lo grad gesinn, finalement schéngt dat fir d'Lëtzebuerger iergendwéi awer éischter eng Mammefigur nach ëmmer ze sinn. An do kënnt een dann elo nach vläicht soen, dass eis monarschech Institutioun keng geckeg ass - dat sécher net -, eng anachronistesch, bestëmmt, mä awer haaptsächlech, géing ech soen, fir de Psychanalytiker eng fetischistesch Institutioun. An do géing ech Iech alleguer vläicht

op dat gescheitst Buch verweisen, wat, géng ech soen, dëst Jorhonnert iwwert d'Monarchie geschriwwe ginn ass, an d'ass dem Hergé säin "Tintin et le sceptre d'Ottokar". Mir kënnen do vläicht driwwer laachen, mä, ech mengen, do ass ganz flott beschriwwen, wat e Fetisch duerstellt a wat e Fetisch sollt sinn.

De Fetisch huet u sech eng paradoxal, eng kontradiktoresch Fonktioun. De Fetischist verdréit net, dass de Keeser plakeg ass, oder dass de Grand-Duc plakeg ass, fir op eis kleng Verhältnisser zréckzekommen. E gesäit, dass e plakeg ass, e weess, dass e plakeg ass, mä e verdréit dat awer net. 'T muss schonn e Kand komme fir ze soen, dat wär net esou. Fir de Freud, deen oft virgehäit krut, hien hätt alles op d'Sexualitéit zréckgefouert huet de Fetisch am Fong déi Fonktioun beim Kand, wat ee Moment gesäit, dass seng Mamm net esou perfekt ass, wéi hien sech dat vläicht virstellt, dass iergend op enger Plaz hir eppes feelt. Der Mamm feelt iergendeppes, et weess een et, et huet een et gesinn, mä 't muss een et dee Moment verstoppen. Et muss ee maachen, wéi wann een dat net wéisst, an dofir ass e Fetisch do. Da gëtt e Stéck Stoff drop gepecht, de Mann gëtt sengem spéidere Liewen vläicht e Fetischist, e sicht e den Ersatz vun engem normale Sexualakt an engem Liederstiwwel, an engem Latexkostüm, wat Der och ëmmer wëllt.

Vläicht kënne mer d'Geschicht vun der Identifikatioun vum Lëtzebuerger Land iergendwéi gesinn an enger fetischistescher Interpretatioun, géing ech soen, vun de Mammefiguren. Ech huelen der just dräi eraus, déi éischt Mammefiguren oder Fraefiguren. De Lëtzebuerger deet sech ganz schwéier mat der Fra. D'Fra ass net perfekt, d'Fra ass ëmmer iergendwéi urücheg, fréier am Mëttelalter hu mer se verbrannt. Mä par contre als Mamm, do huele mer se awer un a mer veréieren se, wou mer da ganz oft vergiessen, dass een, ier ee Mamm gëtt, natierlech och muss Fra si virdrun.

Bon, éischt Figur ass d'Melusina. Selbstverständlech, Dir kennt d'Geschichten. De Siegfried huet d'Melusina aus der Uelzecht erausgeféscht. Et huet sech mat em bestuet ënnert där Konditioun, dass en em e Fräiraum géng loossen, dass e samsdes et géng säi Bad huele loossen an et dann net däerft do stéieren. De Siegfried huet dat ganz laang ausgehalen, mä fréier oder spéider huet natierlech de Virwëtz Iwwerhand geholl. En huet duerch d'Schlëssellach geluusst an en huet gesinn, dass d'Melusina net esou perfekt war, mä dass se e schéine grousse Fëschschwanz hat. Et kann ee vläicht soen, am Mëttelalter, dee Moment hat vläicht d'Buedzëmmeschdier d'Fonktioun vum Fetisch. A wa mer bis di Saach zerstéieren, dann ass de Spuk eriwwer.

Zweet grouss Mammefigur ass selbstverständlech d'Muttergottes. D'Muttergottes sollt jo och iergendwéi eng perfekt Fra sinn, mä se war och net perfekt, an dofir huet de Pius de néngten, dee Poopst, dee virun e puer Wochen helleg gesprach ginn ass, fir dass se awer finalement soll perfekt sinn, déi Muttergottes, den Dogma vun der "immaculée conception" erausbruecht. E sot, d'Muttergottes ass net wéi mir alleguer mat der Ierfsënd belaascht, mä ex cathedra ass vum Boopst bestëmmt ginn, d'Muttergottes hätt d' "immaculée conception", si wär ouni Ierfsënn op d'Welt komm, wär also och perfekt, also och iergendwéi e fetischisteschen Dogma.

Lescht grouss Figur - ech weess net, ob et eng provisoresch lescht grouss Figur ass, mä op jiddfer Fall - d'Grande-Duchesse, wéi nach ëmmer gesot gëtt. A war déi dann esou perfekt? Ech weess et net. Gitt op d'Place Clairefontaine hir Statu kucken: Se ass herrlech schéin drapéiert, de Fetisch läit drop, mä se streckt d'Hand aus an de Volleksmond hat et séier eraus, en huet se d'Heeschefra genannt. Also iergendwéi muss och der Grande-Duchesse eppes feelen.

Also d'Insignië vun der Monarchie, de Monarch selwer duerch seng Fonktioun, duerch seng Roll, duerch seng Personalitéit, duerch seng Insigniën, déi en dréit - d'Kroun, den Zepter an esou weider -, ass am Fong de Fetisch, deen d'Land sech gëtt, fir vun der eegener Onzoulänglechkeet, géng ech soen, ofzelenken oder fir déi op jidde Fall ze verstoppen. Esou laang de Monarch iergendwéi sech där Diskrepanz do bewosst ass a seng Persoun net onbedéngt mat senger Fonktioun vermëscht, esou laang kann et iergendwéi gutt goen. D'Saach gëtt ganz brenzleg, wann de Monarch sech, wéi e franséische Psychanalytiker gesot huet, fir de Kinnek hält."

**D'Insignië vun der Monarchie - d'Kroun, den Zepter an esou weider -, de Monarch selwer duerch seng Fonktioun ass am Fong de Fetisch, deen d'Land sech gëtt, fir vun der eegener Onzoulänglechkeet ofzelenken.**

